n° 3600

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

REÇU
Par Alff Christian , 17:03, 09/02/2021

Lëtzebuerg, den 09/02/2021

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Mobilitéit & Gesondheet weiderzeleeden.**

D'Regierung wëll esou vill vun eise Biergerinnen a Bierger wéi méiglech en Zougang zum Large Scale Testing ubidden a schéckt dofir a reegelméissegen Ofstänn Invitatioune fir Covid-19-Tester eraus.

Persounen, déi opgrond vun engem Handicap oder eng Krankheet net mat engem eegenen Auto fueren an och net vum ëffentlechen Transport profitéiere kennen, hunn am Alldag d'Méiglechkeet den Adapto ze huelen. Dëse Service féiert d'Leit awer net an de Large Scale Test, well dëst aus hygienesche Grënn ofgeleent gëtt.

Mir Mënschen, déi op den Adapto ugewise sinn a keng aner Méiglechkeet hu fir mobil ze sinn, bedeit dat, dass si net um Large Scale testing deelhuele kënnen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Ass der Madamm Ministesch bekannt, dass den Adapto net ka genotzt ginn, fir um Large Scale Testing deelzehuelen?
2. Wat sinn déi genee Grënn dofir, dass den Adapto Persounen net an der Large Scale Test féiert?
3. Wéi eng Alternative bitt d'Regierung Persounen, déi ouni den Adapto net mobil sinn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 09 février 2021

Objet : Question parlementaire n° 3600 du 09.02.2021 de Monsieur le Député Sven Clement - Accessibilité du "Large scale testing" pour les personnes en situation de handicap

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer par la présente la question parlementaire sous objet.

Je vous prie de bien vouloir me faire parvenir la réponse du Gouvernement dans le délai d'un mois afin que je puisse la faire publier avec la question au compte rendu.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés